N°371
Entrée le 27.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse du ministre du Travail à la question parlementaire n° 371 de Monsieur le Député Sven Clement et de Monsieur le Député Ben Polidori**

**Ad. 1**

Als éischt mol e puer Erklärungen zu den Zuelen an der Froestellung: 1.264 Offeren déi de Métier M1805 – Etudes et développement informatique betreffen, si bei der ADEM tëscht Januar an Oktober 2023 gemellt ginn. Op 649 vun dësen Offeren konnt kee passende Kandidat proposéiert ginn. 649 representéiert déi oppen Plazen fir déi keen Demandeur d’emploi konnt assignéiert ginn; et ass net eng Zuel vun Demandeurs d’emploi.

Am Januar 2024 goufen et 520 Offres d’emploi fir de Métier M18 – Système d'information et de télécommunication (wat 665 oppenen Plazen entsprécht), wärend d’Zuel vun Demandeurs d'emploi disponibles fir déi Beruffer aus der Kategorie bei 409 läit.

Hei ënnendrënner fënnt een d’Opdeelung no Alter vun den Demandeurs d'emploi déi ee vun de Beruffer aus der genannter Kategorie sichen.

| 1er métier recherché | 15-24 ans | 25-34 ans | 35-54 ans | 55-65 ans | Total général |
|---|---|---|---|---|---|
| M1801 - Administration de systèmes d'information | 0% | 28% | 63% | 9% | **100%** |
| M1802 - Expertise et support technique en systèmes d'information | 3% | 36% | 58% | 3% | **100%** |
| M1803 - Direction des systèmes d'information | 0% | 6% | 74% | 19% | **100%** |
| M1804 - Études et développement de réseaux de télécoms | 0% | 0% | 78% | 22% | **100%** |
| **M1805 - Études et développement informatique** | **9%** | **40%** | **43%** | **8%** | **100%** |
| M1806 - Conseil et maîtrise d'ouvrage en systèmes d'information | 3% | 28% | 57% | 12% | **100%** |
| M1808 - Information géographique | 0% | 0% | 100% | 0% | **100%** |
| M1810 - Production et exploitation de systèmes d'information | 10% | 10% | 50% | 30% | **100%** |
| **Total général** | **6%** | **31%** | **53%** | **11%** | **100%** |

Et ass ze notéieren, dass d'Demandeurs d'emploi déi e « profil informatique » hunn, net nëmmen an der Kategorie M18 ze fanne sinn. Gëtt betruecht als « ayant un profil informatique », all Persoun déi eng Aarbecht sicht an de Beruffer vun der Administration informatique, der Analyse fonctionnelle, der Architecture informatique, der Automatisation industrielle/Robotisation, vum Commerce informatique, vum Conseil informatique, vum Développement informatique, vun der Direction informatique, der Gestion de projet informatique, der Gestioun an Analyse vun Donneeën, vum IT Support, vun der Recherche scientifique an der Informatik, der Rédaction informatique, der Sécurité informatique, vum Web/UX design.

**Ad. 2**

All d'Statistike baséieren um éischte Beruff deen den Demandeur d'emploi sicht. Dee gëtt bestëmmt duerch de leschten Emploi, en Diplom, en Zertifikat am Beräich vun der Informatik; eng « Auto-classificatioun » baséiert op de Kompetenzen an der Erfahrung déi d'Persoun ugëtt an déi de Conseiller référent vun der ADEM approuvéiert.

**Ad. 3**

Den Decalage deen sech hei à première vue erausschielt as nuancéiert ze betruechten an huet glaich e puer Uersaachen.

Esou gin a ganz villen Offeren an deem Beraïch héich spézialiséiert Matarbechter gesicht wou dann d'Profiller vun villen d'Demandeurs d'emploi déi zwar e « profil informatique » hunn, trotzdeem net zu 100% passen. Ausserdeem as d'Diversitéit vun de Beruffer am IT esou grouss, dass verschidden Demandeurs déi zwar wuehl en IT profil hun, awer net déi spéziefesch Kompetenzen oder Erfahrung matbréngen, déi gefroot sin.

Zudeem kennt och nach d'Tatsaach dass déi transversal Kompetenzen eng emmer méi grouss Roll spillen.

Esou get z.B. an 75% vun den Offren am IT Beraïch ausdrecklech d'Fähegkeet fir sech Ännerungen kennen unzepassen gefroot.

Finalement spillen och an der Informatik d'Spochekenntnisser eng Roll wann et gellt dee passenden Kandidat ze fannen.

**Ad. 4**

D'Formatiounen déi d'ADEM am Beräich vun der Informatik proposéiert sinn developpéiert ginn an Zesummenaarbecht mat deene wichtegsten Organismes de formation zu Lëtzebuerg. Dat sinn notamment den Digital Learning Hub, den CNFPC, de Centre de Compétences vun der UNI.LU an d'Chambres professionnelles : Chambre de Commerce (House of Training), Chambre des Métiers, et Chambre des salariés (LLLC). Déi Partenariater si wesentlech fir den Ausgläich tëscht de proposéierte Formatiounen an de Besoinen vum Aarbechtsmaart. D'Formatiounsprogrammer ginn dauernd verbessert an ugepasst wann dat néideg ass. Dofir ginn a Betruecht geholl, den Taux de retour à l'emploi,

d'Evolutioun vum Aarbechtsmaart, de Feedback vun den Employeuren, de Participanten oder och nach de Formateuren.

Am Februar 2024 huet d'ADEM eng Etüd iwwert d'Beruffer an der Informatik publizéiert. Si gouf realiséiert op Basis vun den Donneeën déi aus de gemellten Offres d'emploi vun den Entreprisen ervirgaang sinn; dës Etüd beschreiwt déi observéiert Tendenzen fir dës Beruffer an déi verlaangte Kompetenzen. Si erlaabt och beschtméiglech d'Offer u Formatioune vun der ADEM am Beräich vum Up- an Reskilling unzepassen, fir dass se den aktuellen an zukünftege Besoinen vun den Entreprisen entspriechen. Dës Etüd ass ze gesinn am Kader vun der Future Skills Initiativ an dem Partenariat fir d'Beschäftegung tëscht der ADEM an der Union des Entreprises Luxembourgeoises.

**Ad. 5**

Iwwert d'spezifesch Formatiounen am Kader vum Up- an Reskilling eraus, huet d'ADEM nach e ganzen Eventail u Formatiounen developpéiert, déi unhand vun de Besoinen vun den Demandeurs d'emploi proposéiert ginn. Dat kënnen zum Beispill eng personaliséiert Begleedung unhand vun engem individuelle Coaching sinn, oder nach Programmer fir transversal Kompetenzen (Softskills, digital Kompetenzen am Bürosberäich, Kompetenzen am Beräich vun der Gestioun vu Projeten). Esou Kompetenze ginn effektiv ëmmer méi um Aarbechtsmaart gefrot, onofhängeg vum gesichte Beruff oder dem Secteur d'activité. Generell kann ee soen, dass d'Formatioune vun der ADEM déi nohalteg (Re)insertioun vun den Demandeurs d'emploi op den Aarbechtsmaart sollen erméiglechen.

Zanter Enn Februar 2024 huet d'ADEM e neien « tableau de bord interactif », ennert der Adress www.jobinsights.lu, fir de Public online gesat. Dëse soll den Demandeurs d'emploi erlaben d'Tendenzen an d'Opprtunitéiten ze consultéieren, en temps réel, vum Lëtzebuerger Aarbechtsmaart a Funktioun vun hirem profesionnelle Projet.

Luxembourg, le 27 mars 2024

**(s.) Georges MISCHO**
**Ministre du Travail**